ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 20. Februar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

A menger Chamberinterventioun vum 13. Februar iwwert de *bien-être* op der Aarbecht hunn ech dem Här Aarbechtsminister eng Rei Froen iwwert d'Natur vun den Aarbechtskontrakter bei der ITM a beim Staat gestallt. Ech hu mat Bedauere misse feststellen, datt den Här Minister zu kengem Moment op meng Froen agaangen ass. Dëst ass ëmsou méi onverständlech, well den Här Minister jo am Laf vun der Debatt betount huet, datt - ech zitéieren - "(...) d'Natur vum Kontrakt vum Travail (...) vu gréisster Wichtegkeet" ass. Dowéinst wëll ech meng Froen nach eemol iwwert de schréftleche Wee formuléieren:

Och d'Sécherheet iwwert eng laangfristeg Ofsécherung vun der Aarbechtsplaz kann zum Wuelbefannen op der Aarbechtsplaz bäidroen.

An deem Kontext wëll ech enger Rei Aussoe vum Här Aarbechtsminister besonnesch op den Zant fillen.

A senger rezenter Äntwert op eng parlamentaresch Fro vum Kolleeg Marc Spauz (N°1654) iwwert d'Natur vun den Aarbechtskontrakter seet den Här Minister:

„D'Regierung ass wéi den honorabelen Deputéierten der Meenung, dass CDI'en d'Regel an CDD'en d'Ausnahm um lëtzebuerger Aarbechtsmaart solle blaiwen."

De Kolleeg Spautz freet da weider: „Gin Betriber déi systematesch op CDD zeréckgraifen, vun der ITM – also der Gewerbeinspektioun - kontrolléiert, op dat keng definitiv Aarbechtsplaz misst sin?"

Den Här Aarbechtsminister äntwert dorop:

„Wann Verdachtsfall bestin, dass Dispositiounen vum Code du travail net respektéiert gin, mescht d'ITM déi néideg Kontrollen. Dat zielt och fir Dispositiounen déi CDD'en betreffen."

An deem Sënn wär et mol wichteg ze wëssen, a wéi engem Kontrakt déi Leit selwer stinn, déi bei der Gewerbeinspektioun schaffen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Aarbechtsminister:

1. Hunn d'Mataarbechter vum ITM iwwerhaapt selwer all en CDI?
2. Wéi vill Leit vun der ITM hu kee CDI mee en CDD?
3. Wéi vill Persoune beschäftegt de Lëtzebuerger Staat, déi keen CDI hunn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten